

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 283/2022
28 AVR. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 28. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

De Generalsekretär vum europäesche Mëllechindustrieverband - European Dairy Association (EDA) -, Alexander Anton, huet rezent iwwert d'Auswierkunge vum Krich an der Ukrain op déi europäesch Mëllechproduktioun geschwat. Deemno géif sech ofzeechnen, datt vill Molkereie wéinst der Deierecht vun den Energiepräisser a wéinst dem héije Präis vun der Rohmilch seriö Problemer hunn, fir nach kënne weider ze fonctionéieren. An der Belsch ass scho konkret eng Molkerei dowéinst faillite gaangen.

Weider heescht et vum Generalsekretär, datt een sech virun allem Suerge wéinst den héije Gaspräisser mécht. Déi weider Entwécklungen am Hibleck op déi europäesch Versuergung mat Gas si bis dato schwéier anzeschätzen. Et zeechent sech awer of, datt, wann d'Gaspräisser staark klammen, respektiv, wa verschidde Länner carrement vun der Gasversuergung ofgeschnidde ginn, datt d'Molkereibetribler an deem Fall just nach a ganz begrenztem Ëmfank fonctionéiere kënnen - wann iwwerhaapt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung iwwert eventuell Problemer, mat deenen déi Lëtzebuerger Molkereien am Hibleck op d'Energie- a Gasversuergung konfrontéiert sinn, informéiert? Wa jo, wéi gesinn des Problemer konkret aus?
2. Wann d'Problematik iwwert d'Energiedeierecht an d'Versuergung mat Gas sech weider verschäerft, wéi gedenkt d'Regierung, de Lëtzebuerger Molkereibetribler ënnert d'Äerm ze gräifen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, vum Minister fir Energie a vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6114 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen

1. Ass d'Regierung iwwert eventuell Problemer, mat deenen déi Lëtzebuenger Molkereien am Hibleck op d'Energie-a Gasversuergung konfrontéiert sinn, informéiert? Wa jo, wéi gesinn des Problemer konkret aus?

2. Wann d'Problematik iwwert d'Energiedeierecht an d'Versuergung mat Gas sech weider verschäerft, wéi gedenkt d'Regierung, de Lëtzebuenger Molkereibetribler ënnert d'Äerm ze gräifen?

De Landwirtschaftsminister suivéiert d'Auswierkungen déi de Krich an der Ukraine op de Sektour agricole huet ganz intensiv. Op europäeschem Niveau stinn d'Landwirtschaftsministeren aus den eenzelnen Länner am Kader vum Agrarconseil a ganz enkem Austausch. National huet de Landwirtschaftsminister den 15. Mäerz d'Vertrieder vum Lëtzebuenger Schwéngsektour gesinn, den 22. Mäerz an den 30. Mee d'Vertrieder vum Lëtzebuenger Kären- a Fuddermëttelsektour.

Zesummen mat der Landwirtschaftskammer huet den Landwirtschaftsminister den 20. Mee een éischten Zwëschbilan, iwwert déi bis dohin 6 verschiddenen Mesuren fir de Sektour ze ënnerstëtzen, gezunn. Am Detail kennen des Mesuren um Site vum Landwirtschaftsministère ënnert folgenden Link nogelies ginn: <https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/mai-2022/crise-ukraine-mesures-soutenir-secteur-agricole.html>.

Betreffend déi speziell Situatioun mat deenen déi Lëtzebuenger Molkereien am Hibleck op d'Energie-a Gasversuergung konfrontéiert sinn, war den 25. Mee 2022 eng Aarbechtsreunioun tëscht dem Landwirtschaftsminister souwéi der Direktioun an dem Comité vun der gréisster Lëtzebuenger Molkerei. Et ass gewosst, dass d'Mëllechverarbechtung Energie intensiv ass an dat dofir den Impakt vun den aktuellen Energiekäschten grouss ass.

Den Tripartite-Accord vum 31. Mäerz 2022 gesäit zwou Bähëllef vir, fir d'Betribler am Kontext vun der Energie-Deierecht ze ënnerstëtzen: engersäits en Garantiesgesetz fir de Betribler am Fall vu Liquiditéitsproblemer, wéinst dem Impakt vum Krich an der Ukrain, den Accès zu Bankprêten ze vereinfachen, an anerersäits en Energiekompensatiounsregimm. Den Detail vun dëser Mesurë gouf an der Äntwert op d'QP 6070 vum 15. Abrëll 2022 erkläert. Molkereibetribler déi d'Konditiounen erfëlle wäerte vun dëser Hëllef profitéieren kennen, ënnert der Bedingung dass se eng Autorisation d'établissement hunn.

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN